ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Am Kader vun deem méiglecherweis illegalen Dépôt vu Bauschutt als Material fir de Bau vun engem Bëschwee an enger Naturschutzzon zu Téiteng duerch de lokale Fieschter war ebenfalls rezent an engem Artikel op 100Komma7 ze liesen, datt Bauten an der *Zone verte* um Hutbierg zu Téiteng duerch de lokale Fieschter erriicht goufen, ouni dat déi néideg Autorisatiounen am Kader vun dem Artikel 6 vum aktuellen Naturschutzgesetz, respektiv vum Virgängernaturschutzgesetz vun 2004, virlouchen.

Interessant sinn an deem Kontext och d'Aussoe vum Directeur-adjoint vun der zoustänneger Natur-a Bëschverwaltung, datt d'Konstruktioune jo per Gesetz autorisabel wären an deemno elo nodréiglech alles géif regulariséiert ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madame Ëmweltministesch:

1. Kann d'Madame Ëmweltministesch déi Informatioun confirméieren, datt illegal Bauten an enger *Zone verte* duerch e lokale Fieschter opgeriicht goufen?
2. Wa jo, wéi ass et méiglech, datt all déi iwwergeuerdent Instanzen, notamment den *Arrondissement Sud* an d'Direktioun vun der ANF, dëse grave Verstouss net bemierkt hunn, ëmsou méi well jo d'Halen an enger Naturschutzzon leien?
3. Beim Opriichte vu Lagerhalen duerch de Staat musse jo nieft den néidegen Autorisatiounen och déi néideg Budgete virleien. Wéi ass et méiglech, datt beim Opstelle vum Budgetsprojet fir dëse Site keen an der zoustänneger Verwaltung an am Ministère sech Froen zu den Autorisatioune gestallt huet?

4. Kann d'Madame Ëmweltministesch soen, ob déi Prozedur, déi anscheinend elo um Hutbierg praktizéiert gëtt, also datt en illegale Bau einfach kann a posteriori regulariséiert ginn, elo fir jidderee gëllt? Konstruktiounen an der *Zone verte* betreffe virun allem haaptberufflech Bauerebetriber, déi jo ënnert den Art. 6 vum Naturschutzgesetz falen an de facto autorisabel sinn. Vu datt jo all Bierger virum Gesetz gläich sinn, wéi ass d'Positioun vun der Regierung zu där Fro?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742